



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Immigratioun an Asyl & Famill an Integratioun weiderzeleeden.

D'Invasioun vun der Ukrain duerch de russesche Putin-Regime huet eng humanitär Katastroph um europäesche Kontinent ausgeléist. Milliounen vun Ukrainer si gezwongen hiert Land ze verloossen, fir z'iwwerliewen. D'Fakel vun der europäescher Solidaritéit gëtt héich gehalen an dat an Ost-, West-, Nord- a Südeuropa.

Och Lëtzebuerg hëlleft mat: all Dag komme Busser mat ukrainesche Familljen an Hausdéieren hei zu Lëtzebuerg un, wat aussergewöhnlech ass. Mënschen, déi an enger Extremsituatioun immens schnell handele mussen a vläicht nëmmen Zäit hunn fir 5 Saachen ze paken, huelen hier Déieren an de Grapp a lafen zesumme fort. Dësen onscheinbare Geste bedeit fir d'Déier Liewen oder Dout: vill Hausdéieren an der Ukrain haten déi Chance net a sinn eleng an der Wunneng zeréckbliwwen.

No enger laanger Rees kommen dës Familljen zesumme mat hiren Déieren dann hei am Land un. Wat duerno kënnt, iwwerrascht: wéi op de sozialen Netzwierker ze liesen ass, dierfen d'Leit hier Déieren net mat an d'Flüchtlingsheemer huelen.

Mir sollten net zouloossen, dass mer Mënsche vun hiren Hausdéieren trennen an dat kuerz nodeems si esou vill traumatesch Erlebnisse matgemaach hunn a bal alles verluer hunn. Doriwwer eraus dierf een net vergiessen, dass och d'Déiere Liewewiese mat engem Bewosstsinn a Gefiller sinn an och si am beschte bei hirer Famill opgehuewe sinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Dierfe Flüchtlingen déi mat Hausdéieren ukommen, dës mat an d'Flüchtlingsstrukturen huelen?
2. Wat geschitt mat den Hausdéieren, déi net an d'Flüchtlingsstrukture mat dierfen?
3. Wäert d'Regierung ee Konzept ausschaffen, fir dass d'Flüchtlingen an Zukunft net vun



hiren Hausdéiere getrennt ginn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized representation of the name 'GOERGEN'.

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu